croix-rouge luxembourgeoise

Section locale

Mois du Don 2022: Hëlleft eis ze hëllefen!

Vum 1. bis den 30. Abrëll 2022 organiséiert d'Lëtzebuerger Rout Kräiz de *Mois du Don*, dat grousst Evenement, bei deem vill Benevoller sech dofir asetzen, Spenden ze sammelen.

Zanter zwee Joer ass eist Liewen duerch d'Covid-19-Pandemie op der Kopp, eng Pandemie, déi Spueren hannerlooss huet. Si huet net nëmme Kranker getraff, mee och Deeler vun der Bevëlkerung, déi elo mat wirtschaftlechen a psychologesche Problemer konfrontéiert sinn, zu Lëtzebuerg, wéi am Ausland. Wärend dem ganzen Abrëll mobiliséiert sech déi lokal Sektioun Gréiwemaachr vum Roude Kräiz an Ärer Gemeng, fir d'Aktivitéite vum Lëtzebuerger Roude Kräiz z'ënnerstëtzen.

De *Mois du Don* ass eng immens wichteg solidaresch Aktioun, bei där Spende gesammelt ginn, déi et dem Lëtzebuerger Roude Kräiz erméiglechen, seng Aarbecht weiderzefëieren an deenen ze hëllefen, déi Hëllef brauchen. 2022 besteet weiderhin e ganz grousse Besoin un Hëllef, an och Dir kënnt hëllefen, egal wéi héich Ären Don ass. All eenzelen Don zielt!

Am Abrëll ass déi lokal Sektioun vun Ärer Gemeng aktiv a wäert op lech zoukommen, fir d'Aktivitéite vun dem Lëtzebuerger Roude Kräiz ze ënnerstëtzen. *„De Mois du Don ass net nëmmen eng solidaresch Collecte vu Fongen, et ass och d'Geleeënheet, fir op d'Awunner zouzegoen an hinnen déi wichteg Aarbecht vum Roude Kräiz a seng Wäerter ze presentéieren,“* ënnersträicht den Guy Cognioul, President vun der lokaler Sektioun vu Gréiwemaacher. *„No zwee Joer Kris ass et immens wichteg, sech solidaresch a generéis ze weisen. Mir mobiliséieren eis méi ewéi jee fir deenen zur Säit ze stoen, déi eis Ënnerstëtzung brauchen!“*

No zwee Joer Pandemie besteet um sozialen a psychologesche Plang en Noutstand. Och wann ee vun dëser Kris relativ verschount bliwwen ass, wëll een einfach e Schlussstréch zéien. Fir wirtschaftlech geschwächte Leit bleift d'Situatioun awer weider ugespaant, wa si Decisiounen iwwer hir dagdeeglech Grondausgaben huele mussen. Och déi Jonk goufen haart getraff, hiert soziaalt Liewen an hir Zukunftsaussiichte goufen op Äis geluecht. D'Lëtzebuerger Rout Kräiz huet hiert Bescht gemaach, fir hinne beim Opbau vun hiren Zukunftspläng ze hëllefen a se psychologesch ze ënnerstëtzen. A vergiesse mer och net, datt d'Solidaritéit iwwer d'Grenze vu Lëtzebuerg erausgoe muss! Sou zum Beispill an der Ukrain, wou d'international Solidaritéit extrem wichteg ass fir d'betraffe Familljen, d'Fraen a Kanner, an all Affer vum arméierte Konflikt ze hëllefen. Aner geografesch Gebidder, besonnesch an den afrikanesche Länner südlech vun der Sahara, an deenen d'Lëtzebuerger Rout Kräiz zanter Joren aktiv ass, wäerten nach méi laang ënnert de Follge vun der sanitärer Kris leiden. Loosst eis deenen, déi dohanne liewen, hëllefen, zu engem wierdegen, normale Liewen zeréckzefannen.

Wéi kann een d'Rout Kräiz wärend dem Mois du Don ënnerstëtzen?

Dir hutt verschidde Méiglechkeeten, lech wärend dem Mois du Don mat enger Spend solidaresch ze weisen:

- wann déi lokal Sektioun aus Ärer Gemeng op lech duerkënnt, sief et doheem oder bei lokalen Evenementer;
- mat enger Iwwerweisung op de CCPL LU52 1111 0000 1111 0000 (Kommunikatioun: Mois du Don 2022);
- mat Ärer Bankekaart op www.moisdudon.lu;
- mat engem Uruff op d'Nummer 2755.

Wärend dem Mois du Don hannerloossen d'Quêteure vum Lëtzebuerger Roude Kräiz bei hirem Passage eng Matdeelung, an där Dir all déi néideg Informatioune fannt, fir Ären Don ze maachen. De Mois du Don gëtt och a verschidde Medien an op de soziale Reseauen annoncéiert, och hei hutt Dir d'Méiglechkeet, en Don ze maachen. Späert Är Aen op a weist lech solidaresch! An ofschléissend kritt Dir an der leschter Woch vum Abrëll e Bréif vum Roude Kräiz fir lech Merci ze soe fir Är Ënnerstëtzung.

Mir zielen op lech!